

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30/10/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.

Am Kader vun der Petitioun n°2982 hat de Finanzminister a senger Äntwert vum 13te Mäerz 2024 bestätegt, datt tëschent Lëtzebuerg an Däitschland keen Duebelbesteierungsofkommes am Beräich vun den Ierfschaften existéiert. Doduerch kann et bei grenziwwerschreidenden Ierfschaften zu enger Besteierung a béide Länner kommen.

Vill Leit, déi hei zu Lëtzebuerg gelieft hunn, sinn an de leschte Jorzéngten op déi däitsch Grenz wunne gaangen. Vill Mënschen sinn och wéinst den héije Wunnengspräisser hei am Land iwwert d'Grenz wunne gaangen.

Och wann déi däitsch Gesetzgebung verschidden Abatementen an d'Urechnung vun auslänneschen Ierfschaftssteiere virgesäit, kann dës Situatioun fir betraffe Familljen eng finanziell Belaaschtung duerstellen.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Wéi eng konkret Entwécklungen a Fortschritter goufen et beim Duebelbesteierungsofkommes mat Däitschland zënter der Äntwert op d'Petitioun n°2982 am Joer 2024, notament am Beräich vun der Ierfschaften?
2. Wéi ass de Stand vun den europäeschen Initiativen an dësem Beräich?

Mat déiwem Respekt,





GOERGEN Marc
Deputéierten

